Préface

Lex DELLES
Minister fir Mëttelstand
Minister fir Tourimus

Wat an den 1930er Joren als klengen Ëmzuch vun de Wënzer ugefaangen huet, ass haut eng Institutioun. D'Maacher Drauwen- a Wäifest ass wäit iwwert eis Grenzen eraus bekannt an zitt souwuel vill Residenten eréi och Touristen un. D'Kréinung vun der Wäikinnigin an den traditionelle Cortège duerch d'Stroosse vu Gréiwemaacher sinn zu engem touristeschen Highlight ginn, deen déi ganz Muselregioun en Valeur setzt. Nieft Riewen, Wäiner a Crémant'en gëtt et nämlech eng eemoleg Regioun ze entdecken. Attraktiv Vëlos- a Wanderweeër féieren duerch eng intakt Natur, herrlech Landschaften a charmant Dierfer.

D'Maacher Drauwen- a Wäifest ënnersträicht dat enormt Potential vum Oenotourismus. D'Regierung huet dat erkannt an d'Promotioun vum Wäintourismus zu enger Prioritéit erkläert. Mir wëllen op dësem Wee dat touristescht Potential vun der Muselregioun notzen, méi Residenten an Touristen unzéien an doduerch och de nationale Wäibau stäerken.

Ech felicitéieren den Organisateure vum Drauwen- a Wäifest, der Gemeng Gréiwemaacher, wéi och all deenen anere lokalen Acteuren, déi all zweete Weekend am September dës attraktiv Manifestatioun organiséieren. Trotz den Erausfuerderunge vun der Covid-19-Pandemie, wéinst där d'läscht Joer kee Fest konnt stattfannen, huet dat grousst Engagement vun der ganzer Muselmetropol net nogelooss, esou datt dëst Joer déi 71. Editioun vum Drauwen- a Wäifest gefeiert gëtt.

Ech wënschen Iech all vill Succès an de Visiteure vill Freed bei dësem traditionelle Rendez-vous.